PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIN 2019
772

Lëtzebuerg, den 11/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Bannenzeg Sécherheet & Verdeedegung weiderzeleeden.

Aus der Äntwert vum Premier Minister Xavier Bëttel op d'parlamentaresch Fro n°640 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar (CSV) zu dem sougenannten „Geheime Casier" geet ervir, dass d'Police iwwert ee „Fichier central" verfüügt, dee sämtlech Protokollen a Rapporten regroupéiert, déi vun officiers de police judiciaire (OPJ) an agents de police judiciaire (APJ), konform zum Code de procédure pénale, geschriwwen gi sinn. Dëse „*Fichier central*" faasst delikat Informatiounen iwwert d'Biergerinnen a Bierger an enger Datebank zesummen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Vu wéini un existéiert dee „Fichier central"? Gouf d'Regierung an der Vergaangenheet vun der Existenz vum „*Fichier central*" an d'Bild gesat? Wa jo, goufen et Bedenken a Saache Sécherheet, Legalitéit an Ethik?
- 2. Wéi eng Ministere woussten, säit 2012, iwwert d'Existenz vum "*Fichier central*" Bescheed, respektiv, wéi enge Ministere gouf d'Existenz vun dësem Fichier zougedroen an zu wéi engem Zäitpunkt?
- 3. Kéint d'Regierung präziséieren op wéi enger Software de „*Fichier central*" vun der Police baséiert an duerch wéi eng Secherheetsoutilen e geschützt ass? Kann de Minister garantéieren, datt dës Base de données adequat géint Cyber-Attacken protegéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député